# DE GRÉNGEN ZWEIG

## NOHALTEGKEET AM CHALET – MIR MAACHEN OCH MAT!

FR | EN Online




Zesummegefaasst steet de „gréngen Home" fir en einfacht Liewe wéi et am Guiden- a Scoutslidd „Fei Leit..." gesonge gëtt!

## ENERGIE

Hybridheizung a Warmwaasserkollektoren op den Daach

Grénge Stroum akafen oder sëlwer maache mat Photovoltaïk

Frot och äre lokalen Energieberoder: ..............................

### Ecogesten am Home

- Luuchte w.e.g. ausmaachen no Versammlungen, Zäitaueren oder Bewegungsmelder hëllefen sënnvoll ze beliichten
- Spuert Stroum a sicht är Stroumfriesser, maacht all Apparater ëmmer ganz aus, vermeit d'Positioun „Stand-by"
- Surf net ze vill, reduzéier däin Streaming an däin Download: Internet kascht och Energie
- Stousslëften amplaz Fënster op Kipp. Schweess a schudder dech net: Versammlunge bei 18-22°, Sanitär an Dortoire op 15-20° Grad
- Heizung erofdréine wann keen am Home ass, mee net ganz ausmaachen

*Eng kleng Wourecht fir all Guide/Scout: Beim Asaz vu Maschinne "esou vill wéi néideg an esou mann wéi méiglech"!*

## AKTIVITÉITEN

Checklëscht a proaktiv Kommunikatioun virun a no der Aktivitéit

Lokal, regional, saisonal, fair, vun allem a Moossen genéissen

Frot och äre lokale Fierschter: ..............................

### Ecogesten ënnerwee

- Kommt zu Fouss oder mam Vëlo an d'Versammlung, duerfir de Vëlosstänner beim Home net vergiessen
- Huelt den Zuch a Bus fir op e Weekend oder e Camp (www. mobiliteit.lu) ze fueren. Maacht Fuergemeinschaften wann et mam ëffentlechen Transport net geet
- Aller-Retoure vu Mënsch & Material op de Camp optimal plangen
- Maacht nëmme Feier do wou eng Feierplaz ass. E Lagerfeier ass kee Fixfeier, mee soll och kee Buergbrenne sinn
- Frot d'Schlofplazen um Hike mat Zäite virum Camp beim Fierschter a beim Propriétaire vu Bësch & Wiss un
- Fir en Nuetsspill, bléift w.e.g. op de Bëschweeër, maacht keen Tout-Terrain, d'Déiere an d'Planze soe Merci. Verzicht op Kaméidi an op ze staark Täscheluuchten nuets am Bësch.

*No enger Aktivitéit ass virun enger Aktivitéit: Du brauchs d'Rad net néi ze erfannen, hal dat wat am Bilan gutt funktionéiert huet bei, mee maach och Plaz fir Neits.*

https://lgs.lu/nohaltegkeet/qr/checklescht

## MATERIAL

Gutt Material ass méi deier, mee hält mat gudder Fleeg och vill méi laang

R3: Reduce-Reuse-Recycle/Upcycle am Home an am Ressourcenzenter

Frot och äre Materialsmeeschter: ..............................

### Ecogeste Ressourcen

- Beim Kaf vu Campmaterial, och nom Service-après-Vente froen: nëmmen e gutt Zelt léisst sech zerguttst flécken a bitzen. Zelter ni naass apaken an ëmmer op enger belëfte Plaz stockéieren
- Konstruktiounsholz net onnéideg duerchschneiden
- Material a Ravi 'en Gros' akafen, esou spuer der vill Verpackungsoffal. Dëppercher virgesi fir Reschter opzedeelen
- Amplaz vu PAKalu wëlle mir PAKamelle: deng Gamelle spullt sech, Alumimumfolie net. Kaaft Dëppen aus Goss oder Inox fir um Feier ze kachen, se hale bal éiweg
- Maacht är eege Glous fir ze grillen oder huelt Holzkuelen, déi net vun ze wäit hir kommen
- Eng Spënnchen am Home fir jiddereen an net ee Ravisschaf pro Versammlungsraum
- Fir är Bud am Home anzeriichten, brauchs de net alles nei ze kafen

*Et heescht, et géing kee schlecht Wieder, just schlecht Gezei: majo, wann mer eis da gutt Material leeschten, da versuerge mer et och laang!*

## WAASSER

Hal d'Grondwaasser um Camp propper: mir brauchen et fir ze liewen

Verbëtz d'Waasser net

Frot och äre Verwalter vum Home: ..............................

### Krunnewaasser ass Drénkwaasser!

- Fir eng séier a gutt Spull: Spüli, Spulllomp, Spéin, waarmt Waasser an e gutt Kichenduch. Huelt ekologesch ofbaubar Botzmëttel an denkt drun fir de Krunn net beim Spulle lafen ze loossen, mee fir de Spullbac mat wotlechem Waasser ze fëllen
- Vill Spüli hëlleft net ëmmer vill, mee mécht virun allem vill Schaum
- Krinn di drëpse flécken, de Krunn net onnëtz lafe loossen an d'Duerchlafe vum Krunn richteg astellen
- Fir d'Toilette a fir ze nätze kann een Reewaasser huelen
- Havana-Duschen = 1 Minutt Aweechen + 1 Minutt Aseefen + 1 Minutt Ofduschen
- Spaass ass ausdrécklech erlaabt: mee vermeit et fir mat Drénkwaasser ze spillen a wann der am Summer awer net laanscht Waasserspiller kommt, dann zappt en Schwamp an d'Waasser amplaz Loftbäll mat Waasser ze geheien; Naturschwämp kann een ëmmer nees notzen an et kënnt kee Mikroplastik an d'Grondwaasser

*«Rien ne se perd, rien ne se crée, tout se transforme» : d'Waasser vum Liewen ass ongläich op der Welt verdeelt. Eis ONGD «Guiden a Scoute fir ENG Welt» kann iech hëllefen d'weltwäit Problematik vun der ongerechter Ressourceverdeelung ze verstoen a fir eppes dogéint ze maachen: ongd.lgs.lu*